



**Här Fernand Etgen**  
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

De sougenannte classesche Wee, fir sech op der Uni Lëtzebuerg zum Enseignant fir d'Grondschool ausbilden ze loossen, féiert iwwer de „Bachelor en Sciences de l'Éducation“ (BScE) mat engem Studienzcyklus vu 4 Joer. Interesséiert Kandidate mussen sech engem „Examen-concours d'admission“ stellen. Fir déi, déi deen net direkt packen, gëtt et d'Méiglechkeet vun der „Admission conditionnelle“.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kann den Här Minister mech driwwer informéieren, wéi vill „Admissions conditionnelles“ an de leschten 2 Joer jeeeweils ausgeschwat gi sinn a wéi vill vun dese Kandidaten et fäerdegbrecht hunn, hire Réckstand opzeschaffen?
- Wéi vill vun de Kandidaten sinn ofgewise ginn, well se d'Konditiounen vun der „Admission conditionnelle“ net erfëllt hunn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen  
Co-Fraktiounspresidentin



**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung a Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7945 vum 28. Abrëll 2023 vun der honorabler Deputéierte Martine Hansen**

Ech reagéieren op der honorabler Deputéierten hir Froe mat dëse Prezisiounen.

Laut Informatiounen vun der Universitéit Lëtzebuerg goufen et 2021 keng „Admissions conditionnelles“ am Bachelor en Sciences de l'Éducation, well, duerch d'Covidpandemie bedéngt, eng aner Admissiounsprozedur applizéiert gouf. Am Joer 2022 goufe 45 „Admissions conditionnelles“ ausgeschwat, wouvu sech definitiv 41 Kandidaten ageschriwwen hunn.

D'Studente mat enger „Admission conditionnelle“ hunn dräi Joer Zäit, fir Remediatiounscoursen ze suivéieren an d'Examen an deene concernéierte Matièreën ze packen. Bei Lacunnen an enger Sprooch muss de Student säi Mobilitéitssemester an engem Land maachen, wou d'Landessprooch kann zur Remediatioun bäidroen. Et ass ze bemierken, dass d'Studenten, déi 2022 ugeholl goufen, Zäit hu bis 2025 fir d'Examen an deene concernéierte Matièreën ze packen an dass déi éischt Exame wäerten am Juli 2023 ugebuede ginn. Dat heescht, dass bis elo nach kee Student d'Méiglechkeet hat, fir den Examen an deene concernéierte Matièreën ze maachen.

Den Admissiounsexamen ass ee Concoursexamen, an d'Universitéit Lëtzebuerg benotzt d'Méiglechkeet vun der „Admission conditionnelle“ bis all verfügbar Plazen am Bachelor en Sciences de l'Éducation besat sinn.

Lëtzebuerg, de 25. Mee 2023

De Minister fir Héichschoul a Fuerschung

(s.) Claude Meisch